

	31^e séance Mercredi 24 janvier 2001	Présidence M. Jean Spautz , Président M. Niki Bettendorf , Vice-Président
---	--	--

Ordre du jour

1. Dépôt d'une proposition de révision

2. Communications

3. Interpellation de M. François Bausch au sujet des conclusions à retenir de l'étude socio-économique relative au système BTB (*Discussion générale - Vote - Motions*)Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; M. Henri Grethen, Ministres.
(*Début de la séance publique à 14.31 heures*)**M. le Président.**- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwellech Kommunikatiounen ze maachen?

(Négation)

Den Här Paul-Henri Meyers freet d'Wuert, fir den Dépôt vun enger Proposition de loi ze maachen.

1. Dépôt d'une proposition de révision**M. Paul-Henri Meyers (CSV).**- Här President, d'Kommissiou vun den Institutiounen a vun der Révision constitutionnelle huet hir Aarbechten iwver eng Ofänderung vum Artikel 36 vun der Verfassung einstweilen ofgeschloss.

Et ass eng Proposition de révision vum Artikel 36 fäerdeg, déi ech mam Accord vun der Kommissiou hei wéilt deponéieren:

- *Proposition de révision 4754 de l'article 36 de la Constitution.*

Ech géif lech bidden, Här President, déi Propositioun un d'Regierung weider ze ginn, déi se da pour avis un de Statsrot géif ginn. Ech géif och bidden, dass mer an enger vun den nächsten öffentleche Sitzungen déi Propositioun hei kéinten exposéieren an eng Diskusioun driwwer féieren.

Merci.

M. le Président.- D'Chamber hëlt Akt vum Dépôt vun der Proposition de révision, déi duerch den Här Meyers agereecht gouf, a gëtt se virun un d'Regierung.**2. Communications**

Ech hu folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen.

1) A sengem Bréif vum 23. Januar 2001 huet den Här Mars Di Bartolomeo matgedeelt, dat hien d'Regierung iwwert d'Wunnengspolitik an d'Präisser vun de Bauplazén interpelléiere wëllt.

2) Folgend Dépôte sinn um Greffe vun der Chamber gemaach ginn:

Den 23. Januar 2001 vun der Ausseministesch:

- de Projet de loi 4750 portant approbation de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et l'Agence spatiale européenne relatif à la participation du Luxembourg au Programme ARTES, signé à Paris, le 12 septembre 2000;

- de Projet de loi 4751 portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République d'Islande tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, signée à Luxembourg, le 4 octobre 1999;

- de Projet de loi 4752 portant approbation du Traité sur un Système d'Information européen concernant les véhicules et les permis de conduire (EUCARIS), signé à Luxembourg, le 29 juin 2000.

Haut de Muere vun der Kulturministesch:

- de Projet de loi 4753 portant création du Centre virtuel de la Connaissance sur l'Europe.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen elo zur Interpellatioun vum Här François Bausch iwwert d'Konklusioonen, déi aus der sozio-ekonomescher Etüd vum BTB ze zéie sinn.

D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluegt. Et hu sech bis elo schonn ageschriwwen: déi Häre Schank, Zanussi, Helmingher, Greisen a Krecké.

D'Wuert huet elo den Auteur vun der Interpellatioun, den honorablen Här François Bausch.

(Interruption)

Den Här Bisdorff an den Här Bourg schwätzen och nach zu där Interpellatioun.